Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN

# Generalversammlung Jugendkommissioun + Trainerteam
# Péiteng 3. September 2023 14 Auer
# Waren dobai: Mireille, Steve, Jean-Paul, Margot, Sandy, Bib, Alain, Mil, Mandy
# Excuseiert: Chris, Tom

**1) Réckbleck Bericht Saison 2022/2023 vun der Präsidentin Mireille:**

➔ Mireille huet jiddereen begréisst. D´Saison ass ganz gutt oofgelaaf bis op puer Klengeschkeeten di gutt geleist gin sinn. D'WM war den Höhepunkt an ass wonnerbar oofgelaaf. Vill Spiller*innen hunn iwweraschst. Mireille seet den Traineren e grousse Merci fir hier gutt Aarbescht. Daat éischt Joer war e Léierjoer a mir mussen eis nach verbesseren an der TKJ an sinn um gudden Wee.
Mireille an ganz TKJ soen dem Mandy an Chris Merci fir di gutt administratif Hellef.

**2) Réckbleck Bericht Saison 2022/2023 vun den Traineren Mandy a Chris:**

➔ Wei sinn Traininger oofgelaaf ? Péiteng a Schlënner ?
Zu Péiteng war d'Präsenz vun de Spiller*innen méi wei zu Schlenner. Zum Schluss waren aver zu Schlenner och mei Präsenzen. Den Training ass gutt oofgelaaf. Mir missten och drun denken der TKJ mat Zaiten bescheed ze soen wann Waasser feelt um Training.

➔ Trainerteam ? Mir haaten eng ganz gutt Zesummenaarbescht an waren am permanenten Austausch esou dass Traineren emmer iwwert alles informéiert waren.

3) **Feedback Oofschlosstraining Spill a Spass mat „Agape"**:
Den Spill a Spass Training ass gutt besicht ginn.
D'Iessen gett nächst Joer aanescht organiséiert.
TKJ well nächst Joer noo der Eenzel Final 8.6.24 och eng Agape organiseieren esou wei et och am Sport ass.

4) **Feedback Weltméeschterschaft zu Düsseldorf**:
Am groussen ganzen ass d´WM einwandfrei oofgelaaf mat vill gutt Leeschtung. Trainerteam seet der TKJ e grousse Merci dass mir en 3. Trainer hunn dierfen mathuelen well zu 2 Traineren hätten mer et net sou gutt gepackt. Qualitéit vun eiser Trainerarbescht war doduerch TOP. Spiller*innen sooten op der WM an den Teamsitzungen emmer erem Merci fir deen gudden Zesummenhalt deen mir an der Equipe haaten.
E grousse Merci geet och un den Alain Huss deen eis all Daag beim Transport vun de Spiller Hotel-Keelenhaal gehollef huet an och e Merci un Sandy fir di gutt Trikotwäsch. Iwwert de Kado vun der TKJ un eis Spiller an Trainerteam huet och jidereen sech gefreet.
E läschte Merci geet nach un Finanzement vum Kiné deen d'Spiller*innen all gebraucht hun op der WM an all Spiller huet dovun profiteiert.

5) **Bericht Caissier Steve**:
TKJ huet zougestemmt dass alles stemmt. Trainerteam huet Merci gesoot fir di gutt Transparenz.

6) **Gëtt et Ännerungen vun Memberen an der TKJ ?**
Nee, jiddereen bleiwt an behällt sain Posten.

Berichter zum Organisatoreschen Deel helleft den Alain Huss schreiwen an Mireille mailt dei un FLQ.
Berichter zum Sportlechen Deel scheckt Mandy eran noodeems TKJ hieren Avis/Accord gin hun. Mireille huet daat mam CA geklärt.

7) **Gëtt et Ännerungen am Trainerteam ?**
Well mir en Enkpass hunn fir di nai Saison froen mir beim CA un, den Alain Blasen als neien Jugendtrainer ze valideieren. Hien ass zwar nach 1 Joer U24 Spiller, huet aver keng Jugend-WM mei.
Zu Peiteng sin mir weider zu maximal 4 Traineren an zu Schlenner 2 Traineren sou wei daat läscht Saison vum CA akkordéiert gin ass.

**8) Nai Organisatioun fir d'Saison 2023/2024:**

➔ Jugendterminkalenner
Ass vun der TKJ valideiert ginn an Bunnen sin reserveiert bei der Brasserie um Dill. An de Schoulvakanzen fällt emmer 1 Training aus well emmer vill Kanner net komm sin. Mammendaag, Pappendaag, Kavalkad an Feierdeeg fällt den Training och emmer aus, respektif wann daitsch Meeschterschaften oder international Kompetitiounen stattfannen well mir dann net genuch Traineren hun dei selver spillen.

- ➔ Ooflaaf Traininger:
  All U18 an U24 Spiller*innen geheieren och zum Kader an sinn 1 mol de Mount inviteiert op engem Kadertraining getrennt vun deenen U10 / U14 Spiller*innen fir dass Traineren mei Zait hun individuell no all Spiller ze kucken.
  D'Spiller*innen dei an Daitschland spillen an all Weekend Mätch hunn plus Verainstraining brauchen just 1 mol de Mount op de Kadertraining mettes ze kommen. De Jugendtraining mueres ass prioritär fir d'Spiller*innen dei zu Letzebuerg spillen.

- ➔ Whats app Grupp Jugend Roude Léiw
  Ass gespaart op Kommentarer fir dass wichteg Informationen netmei verluer gin. Bei all Training kennen d'Spiller*innen uklicken weivill Auer sie kommen oder op sie sech oofmellen wellen.
- ➔ **Jugendsprint zu Schlënner**:
  Eestemmeg oofgestemmt well de Jugendsprint zu Schlenner motiveiert och deenen ganz klengen op Schlenner traineieren ze goen. Zu Schlenner gett et nach emmer eng aal Jugendkees. De Jules huet proposeiert domat eng Spaghetti noom Jugendsprint fir all Spiller*in ze maachen. TKJ huet daat eng gutt Idee fonnt an dann wier di Kees opgeleist.
- ➔ **Evtl. Lännervergleich Lëtzebuerg – Saarland zu Péiteng**:
  De Chris huet de Kontakt a seet bescheed esoubaal et definitif ass.

9) **Sprint National 21.1.2024:**
TKJ huet gefroot fir Reklamm ze maachen. Mir hunn e Flyer gemaach deen elo online ass.
Mir maachen den 12. November um 13 Auer eng éischt TKJ + Trainerteam Versammlung fir den Nationalen Sprint ze organiseieren well mir dann Unzuel vun de Spiller*innen hunn.

10) **Divers:**
D'Mandy an de Chris bedaueren di vill Diskussiounen bei der FLQ dei duerch hier E-Mail fir den Transfert vum Luca Jungers ze geneemegen opkomm sinn an huet der TKJ matgedeelt dass Sie sech beim CA schreftlech entschellegt hunn an hoffen kennen weiderhin mat der FLQ esou eng gutt Zesummenaarbescht feieren.

**Promovideo:**
Den Tom huet proposeiert den 8.10.23 e Video dreinen ze kommen op Peiteng fir Reklamm ze maachen waat hien eis aver nach bestätegt.